N° 7811
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.03.2023

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Den Independent Police Complaints Authorities' Network (IPCAN) ass een informellen internationale Reseau, deen d'Echangen an d'Kooperatioun tëscht externen onofhängegen nationalen Autoritéiten, déi d'Police an engem Land kontrolléieren, vereinfacht. Et handelt sech heibäi em een Netz vu Länner, déi hier Kontrollautoritéite vun der Police op internationalem Plang a Saache Mënscherechter a Beruffsethik matenee vergläichen, a sech iwwer „*best practices*" austauschen. Zu Lëtzebuerg ass d'Inspection générale de la Police (IPG) zoustänneg fir de Contrôle vun der Police. Eis Nopeschlänner, d'Belsch a Frankräich sinn och Deel vum IPCAN, deen a reegelméissegen Ofstänn vergläichend Etudë publizéiert, Lëtzebuerg awer net.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet gär folgend Froe stellen:

- Firwat ass Lëtzebuerg kee Member vum IPCAN?
    - Gedenkt d'Regierung dat ze änneren? Wa jo, wéini?
- Wéi eng Virdeeler gesäit d'Regierung an engem internationale Verglach vun eiser Inspection générale de la Police (IPG)?
    - A wéi eng Nodeeler kéint dat mat sech bréngen?

Här President, ech bieden Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.


**Emile Eicher**
Deputéierten